



N°5147
Reçue le 25.10.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 25.10.2021

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/10/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

No der leschter Liwwerung vu medezineschem Cannabis am September kënn et momentan, laut mengen Informatiounen, schonn erëm zu enger Rupture de Stock vu Cannabis mat engem 18% an 10% THC-Gehalt. D'Santésministesch hat Enn August erklärt, dass ronn 30kg bestallt wieren, an am September geliwwert géife ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wei héisch ass de momentane Stock un medezineschem Cannabis mat 10% THC an 10% CBD Gehalt?
2. Wei héisch ass de momentane Stock un medezineschem Cannabis mat 18% THC a manner wéi 1% CBD Gehalt?
3. Fir wéini ass déi nächst Liwwerung vu medezineschem Cannabis geplangt?
4. Wäert d'Regierung ee méi héije Budget fir den Akaf vu medezineschem Cannabis fir 2022 ufroen, fir esou Penurien an Zukunft ze verhënneren?
5. Wat fir Quantitéite plangt d'Ministesch fir 2022 anzekafen?
6. An der Äntwert op parlamentaresch Fro n°4556 hat d'Ministesch erklärt, dass beim neie Fournisseur och Cannabis-Ueleg bestallt soll ginn.

"Schlussendlech kann een nach erwänen datt mat dësem neien Marché deen elo attribuéiert gouf, et och fir déi éischt Kéier méiglech wäert sinn konformen Cannabis Ueleg ze sécheren. Dësen Ueleg stëllt virun allem eng Plus value duer wëll dësen méi einfach an der Therapie agesat kann ginn an dofir och vill méi einfach ze handhaben ass."

An der Äntwert op d'Fro n°4797 gouf de Cannabis-Ueleg awer net méi erwäant. Huet de Ministère scho Cannabis Ueleg akaaft?

- Wa jo, wéi vill Ueleg gouf fir 2021 kaaft a wéi vill ass fir 2022 virgesinn?
- Wa nee, firwat net?



www.piraten.lu

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven

Député



www.piraten.lu